LETZEBUERGER GUIDEN A ...TEN "LGS"

Theater Sandweiler Raro Januar 2001

# Dem Charly séng Tata

Bühn: Hotel
Party am Stefan séngem Haus
Kleng Bühn dernieft: Metzlerei (resp. Schluechterei)
Café

Persounen

| Numm | Beschreiwung | Akteur |
|---|---|---|
| Steve Pückler | jonke Finanzjongleur | Paul |
| Charly | säi Frënd | Tim |
| Lucia d'Alvarez | dem Charly séng Tata, argentinësch Rinderbaronin | Anne |
| Attila „den Hunnekinnék" | hire Schoulfrënd | Marc |
| Heng Renmanns | räiche Metzler (grouss Firma) | Jérôme |
| Barbie | séng Duechter | Annabelle |
| Recept | Réceptionist, Barkeeper | Misch |
| - | Serveuse am Hotel | Caroline |
| Kelly | Verkeeferin beim Metzler | Caroline |
| | Partygäscht a Leit am Troquet | Aaner Chef, Misch |
| Här Moschtert an Thüringer | Bankier | Marc, Tim |
| Barkeeper | Barkeeper aus dem Troquet | Caroline |

Theater:

De Rido as zou. Virum Rido as en Empfangsschalter vun engem grousse Schluechthaus (Firma déi Fleesch verschafft). Hannert dem Desch setzt d'Kelly. Op enger Niewebühn as de "Büro" vum Heng. De Moschtert an den Här Thüringer kommen am Kostüm eran bei den Empfang. D'Kelly läit egal wéi do an huet e Knätsch am Mond.

Kelly Ja?

Moschtert Thüringer a Moschtert

Kelly Deet mer leet, hu mir leider net méi. Ech kann Iech awer nach e puer Mettwurschte mat gin!

Thüringer Nee, mäin Numm as Thüringer an daat do as den Här Moschtert vun der Finanzbank Lëtzebuerg. Mir hätte gär eng Entrevue mam Här Renmanns wann daat geet.

Kelly Ah, jo, ok, da kommt mat!

D'Kelly geet fir, de Moschtert an den Thüringer kommen him no. Si gin op d'Niewebühn wou den Heng vu sengem Büro opsteet a si iwwerfrendlech begréisst.

Heng Aha, schéine gudde Metteg dir Hären Thüringer a Moschtert. Wooumadder kann ech Iech hellefen? Däerf et vläicht eng Haam sin, oder e gudde säftege Brot....?

Moschtert Nee, mir komme wéinst Äre Finanzen.

Heng Setzt Iech!

Thüringer Dir hudd Äre Kreditlimit däitlech iwwerschratt. Kennt dir eis vläicht erklären, wou di Suen hikomm sin?

Heng Selbstverständlech! Ech hun op de Root vun engem gudde Kolleg vu mir, dem Steve Pückler, hin 5 Milliounen an Aktien vun der Hong Kong Economy Bank investéiert.

Thüringer 5 Millioune Frang?

Heng (ganz houffreg) 5 Milliounen Dollar!

Den Thüringer peekt säi Laptop aus an tippt e besschen drop

Moschtert A waat as dann aus deene 5 Millioune gin, wann ech froen däerf?

Heng Ma daat wäerte mer jo gläich gesin!

Den Heng hellt den Telefon a wielt eng Nummer. Iwwer Lautsprecher héiert een eng Uso op chinesesch.

| | |
|---|---|
| Heng | (schlecht Englesch) Hello? Is Mr. Pückler there, please? |
| Heng | verstidd Dir waat déi do soen? |
| Moschtert | Daat as eng Uso vun der Telefonsfirma vun Honk Kong fir ze soen dass et déi Nummer nët méi get! Vläicht hun se jo hier Rechnung net bezuelt? |
| Heng | Ma daat kann dach net sin! Daat as dach eng Bank! |
| Thüringer | Ah, hei hun ech et jo: D'Hong Kong Economy Bank huet de moien hier Schalteren nët méi opgemaat, si si faillite! An den Här Pückler as zenter geschter owend verschwonnen an zenterhier net méi gesi gin! |
| Heng | Waat gelifft? A meng Suen? |
| Moschtert | Déi Si fort! |
| Heng | Waat maache mer dann elo? |
| Moschtert | Ech giff soen, mir gin Iech eng Frist vu 7 Deeg, a wann déi Suen bis dohin net erem sin, dann huele mir eis se vun Iech an ärer Firma erem! |

(Moschtert an Thüringer gin eraus)

| | |
|---|---|
| Heng | (treppelt onroueg hin an hier) Waat soll ech dann elo nemme maachen? ......... Ha! Ech hun et! Dese Weekend soll jo déi berühmte Rinderbaronin, d'Madame Alvarez aus Argentinien op Lëtzebuerg kommen. Wann ech mat där Geschäfter maache kéint, da kéint si mir jo vläicht déi Suë virstrecken. Jo! Daat as meng eenzeg Chance, daat maachen ech! |

De Scheinwerfer geet aus, de Rido geet op.
Bühn : Hotel, Réceptioun, Fotellen an der Mett vun der Bühn . De Steve kennt eran.

| | |
|---|---|
| Steve | Moien. |
| Recept | Ah, moien Här Pückler! Wéi war de Flug? |
| Steve | Oh, merci gudd. Kann ech d'Zëmmer Nummer zwee kréien? |
| Recept | Wéi ëmmer? |
| Steve | Jo! |
| Recept | Et as nach fräi, allerdéngs misst Der Iech nach e bësschen gedëllegen, de Roomservice as nach nët färdeg mat botzen... |
| Steve | kee Problem! Da bréngt der mer w.e.g. nach een Tequila Sunrise! |

sëtzt sëch op eng Fotell a kritt vun enger Serveuse en Tequilla Sunrise bruecht

| | |
|---|---|
| Lucia | (kënnt eran) Bonjour ! |
| Recept | Gudde Mëtteg, Madame d'Alvarez, mir si frou Iech erëm hei begréissen ze kënnen. War de Flug nët ze ustrengend. |
| Lucia | Ma ech sin och frou erëm hei ze sin. An Argentinien as dat ëmmer sou ee Gedeessems um Flughafen, mee ët as awer déi Kéier alles gudd gangen, souguer méng Valissen sin all ukomm (een Boy bréngt ganz vill Valissen eran) As dat schéint Zëmmer zwee dann och nach fräi? |
| Recept | Nee, leider jhust nët méi, mee d'Zëmmer dräi as awer genausou confortabel, wann dat Iech passt... |
| Lucia | Schued, mee dann huelen ech also d'Nummer dräi. |

(kritt de Schlëssel)

| | |
|---|---|
| Recept | Ech hun hei iwwregens nach e Message fir Iech (get dem Lucia eng Envelopp) |
| Lucia | (liest vir) Léift Lucia, schéin, dass du och mol hei zu Lëtzebuerg bas. Ech freë mech schon drop, dass mir eis mol rem eng Kéier eremgesi kennen. Hoffentlech kennen ech dech iwwerhaapt nach erem no all deene Joren. Komm dofir an dengem roude Rack dohinner. Mir treffen eis um 7 Auer am Troquet. Däin Atila (schwäermt) dee klengen Hunnekinneg |

(Hatt geet Richtung Zemmer, fällt awer iwwert dem Steve séng Féiss...)

Steve Oh, pardon Madame, entschëllegt villmols (hëlleft him opstoën) Kann ech Iech vläicht als Entschiedëgung eppës ze drénken ofréieren?

Lucia Jo, gären, dat géif mer ëlo gudd doën. Ech sin iwwregens d'Lucia de Alvarez.

Steve An ech sin de Steve. Zigarette?

Si gin zesummen an de Bar, hien reecht him den Arm nodeems en d'Zigarett ugefang huet.

Den Heng kënnt mam Barbie eran.

Heng Lo hal awer endlëch op mat deem Getootz. Du geess den Owend an den Theater „Der Besuch der alten Dame" kucken. Dat hun ech dénger Mamm versprach, soss gi mer souguërt di gemeinsam Weekender mat dir nach verbueden.

Barbie Oh Papi, lo sief dach nët sou gemeng! Lo sin ech scho mol hei an der Stad, da wëll ech dach och mäi Kolleg de Charly endlëch eemol erëm gesin an op séng cool Party goën.

Heng Wann ech neen soën, dann as ët neen. Géi lo einfach eng, zwou Stonnen an der Stad spadséieren, während ech mëch ëm méng Geschäfter këmmeren.

Hat hällt d'Hand op.

Barbie Ouni Suën spadséiere goën as awer langweileg.

Hat biedelt. Hie gët him 1000, dann 5000 Frang, an hat klaut him d'Kreditkaart. Da geet d'Barbie d'Traap eroof an de Sall. Den Heng geet bei d'Receptioun.

Heng Moien, ech hu reservéiert fir Renmanns.

Recept Moien Monsieur. Hei äre Schlëssel,...

Heng Eh... Sot Monsieur d'Rannerbaronin, as déi schon hei?

Recept Ween sot der?

Heng Ma d'Rannerbaronin aus Argentinien, eng Madamm Alvarez.

Hien dreckt dem Receptionist Suën an de Grapp.

Recept Oh, wou der sou fein frot..... Zemmer 2

Heng Villmools Merci

(Heng geet an seng Kummer)

D'Lucia an de Steve kommen aus der Bar, zur Dir kennt eng Dampwollek eraus. Si gin bei hir Zemmeren.

Lucia Ah, ech gesin, dir hutt d'Zëmmer Nummer zwee? Daat huelen ech och emmer wann ech hei sin...

Steve Ma wann der wellt, kenne mer roueg tauschen!

Lucia Oh, wann daat Iech net zevill ausmecht....daat wier immens fein. Da musse mer elo just nach eist Gepäck austauschen.

Si gin an hiert Zemmer eran de Steve kennt vollbelueden mat verschiddene Walissen zreck an dréit se an dem Lucia säin Zemmer (2), d'Lucia get dem Steve eng Bürosmapp (Laptop)

Lucia Ah, ech gesin, dir reest ouni all ze vill Gepäck?

Steve Eigentlech haat ech geplangt, haut bei mengem Brudder Charly ze schloofen, mee deen huet haut den Owend eng Party bei sech doheem, an ech kommen elo net u meng Saachen, déi bei him leien.

Lucia Daat as blöd. (Kuckt op d'Auer)...Sou, ech mengen, lo gin ech awer direkt mol nach eng Kéier bis kuerz an d'Sauna. Bis dann! (geet).

De Steve geet a seng Kummer.

Op der Niewebühn gesäit een d'Barbie. Hatt hellt säin Handy eraus an telefonnéiert.

Barbie Ah moie Charly, hei as d'Barbie. Ech wollt dir bescheet soen dass ech den Owend op deng Party kommen. Kanns de mer just nach eng Kéier soen, wou daat as, w.e.g.? ....vis a vis vum Kapuzinertheater, ma daat as gudd, mäi BSE-Papp mengt nämlech ech géif dohinner goen. ...Waat sees de? Däi Brudder Steve huet de Paak mat dengen Jointen matgeholl? Oh, daat mecht näischt, dovu gin ech souwiesou emmer just midd. Äddi!

De Steve kennt am Buedmantel bei d'Receptioun

Steve	Gudde Metteg! Ech wollt Iech just nach emol informéieren, dass d'Madamm Alvarez an ech eist Zemmer getosch hun.....an...kennt dir daat heiten nach séier eng Kéier an d'Wäscherei gin, ech brauch et den Owend erem, well ech näischt aaneschters hei hun. (get dem Recept. Säi Gezei oof)

Recept	Jo, kee Problem

Steve geet zreck an d'Zemmer. Den Heng kennt eran.

Heng	(Zum Recept.) Scheckt w.e.g. eng Fläsch Schampes a Blummen op d'Zemmer Nummer zwee!

Recept	Dir mengt d'Zemmer Nummer 3, well am Zemmer Nummer 2 as elo en Här Steve Pückler... d'Madame d'Avoriaz as elo op Nummer 3!

Heng	(rosen)Waat gelifft? De Steve Pückler? Deen, deen dru schold as dass ech 5 Milliounen Dollar verluer hun??? .... oh waard (geet rosen bei d'Zemmer Nummer 2 an hummert widdert d'Dir)

Heng	Steve, komm eraus, ech wees dass du dobanne bas! Ech haën dech greng a blo! Maach op oder ech briechen d'Dir op! Ech briechen dir all Schanken eenzel! Daat verspriechen ech der! (de Steve luusst aus dem Lucia sengem Zemmer, kennt kuerz drop als Fra verkleet erem eraus, Fichi um Kapp)

Heng	(extrem frëmdlech) Ah, gudde Metteg Baronin! Mäin Numm as Heng Renmanns. Fleesch a Wurschtgeschäft Renmanns. Ech haat Iech scho probéiert unzeruffen well ech mat Iech an d'Geschäft komme wollt.

De Steve probéiert séier fort ze goen, fällt, léisst sech awer net hëllefen

Steve	Bleift mat äre Wurschtfangeren eweg vu mir, loosst mech mat Rou! (leeft eraus, den Heng hannendrun. D'Lucia kennt aus der Sauna zreck, gesäit de Steve )

Lucia	Ma daat as dach...mäi Rack! (wellt him nolaafen, traut sech awer am Buedmantel net eraus a geet a säin Zemmer)

D'Barbie kennt eran, sexy ugedoen

Heng	Barbie, wéi gesäiss du dann aus? Esou gees du mer awer net an den Theater!

Barbie	Ma Pappa, ech hu mer daat hei extra fir haut kaaft! A souwiesou kann ech mech net méi aaneschters undoen, soss kommen ech nach ze spéit an däi blöden Theater!

Heng	scho gudd, da géi alt! (zum Recept.) En Taxi w.e.g. Meng Duechter muss direkt an den Theater gefouert gin!

Barbie	Maa dee wäert sech wonneren (De Recept geet mam Barbie eraus, den Heng geet a seng Kummer.)

Rido zou ---------------------------------------------------------------------------

Virun der Bühn: e Café (Leit mat Glieser sti ronderem. Dekoratioun: Eng Popp mat Parreck). De Steve kennt eran, telefonnéiert mam Händy

Steve	OK, lauschter, Charly (OLAF????) ! Ech si momentan hei am Troquet....breng mer w.e.g. direkt ee vu menge Kostümer heihinner! .......wéi, du hues keng Zäit an deng Party fänkt lo un.?....Hallo? Bas de nach do?...(Peekt den Händy an an deet d'Parreck un).

Steve	En Tequilla w.e.g.! (drenkt a mecht eng Zigarett un) ....nach ee w.e.g.!

Den Attila kennt eran, gesäit de Steve

Attila	Lucia, bas du daat? Du hues dech jo guer net verännert! Du gesäis supper aus!

Steve	Dorop drenke mer een! (zum Garcon:) 2 Tequilla w.e.g.

Attila	Neenee fir mech w.e.g. e Jus!

Steve	Lo sief kee Spillverdiewer, du wäerts mach dach lo net alleng hei drenke loossen.

Attila	OK, ausnahmsweis

Steve	OK, an nach ee vir mech an nach ee vir de Spillverdiewer! (drenkt) aah, supper...an nach 2

Attila	Nenenee, deen dee mech kennt wees, wann ech bis ufänken mat drenken....

| | |
|---|---|
| Steve | Papperlapapp, schwätz net an drenk! |
| Attila | OK, du wollts et jo esou! |
| Steve | Nach 2........(get dem Attila eng Zigarett) |

D'Lucia kennt eran

| | |
|---|---|
| Steve | Oh nee, lo kennt déi och nach....di däerf mech hei net gesin (zitt den Atilla eraus, deen hellt d'Fläsch mat)....komm, mir fueren elo bei mech heem... |
| Attila | (lallt) Ma daat as eng gudd Iddi |
| Steve | ... do as nämlech haut eng Party |
| Attila | Schued |

RIDO OP----------------------------------

Party, lauter Leit, d'Barbie as och do

Dem Barbie säin Handy schellt (et as den Heng, et héiert ee seng Stemm duerch de Micro)

| | |
|---|---|
| Heng | So waat soll daat do? Deen an der Receptioun huet mer grad gesoot, du wiers awer net am Theater, mee du wiers op déi Party do gefuer? |
| Barbie | jo, mee hei as et och ganz gemittlech, mir setzen hei an drenken Téi mam Charly senger Tatta déi haut op Besuch komm as |
| Heng | Ma da geff mer déi emol! |
| Barbie | Déi as...(zum Charly) wou as deng Tatta dann elo? |
| Charly | Wees ech dach net....déi sollt scho längst hei sin! |
| Barbie | (Handy)...grad op der Toilette |
| Heng | Ech kommen dech direkt sichen! De Charly huet souguer eng Weebeschreiwung heihinner gefaxt! An ¼ Stonn sin ech do! |
| Barbie | (hängt an; zum Charlie) wéi kann een nemmen esou blöd sin, eng Weebeschreiwung an den Hotel ze faxen? Sou, fir mech as den Owend gelaaf, ech gin! |

D'Barbie mecht d'Dir op fir ze goen, du steet de Steve an den Attila virun der Dir

| | |
|---|---|
| Barbie | Hey, dem Charly seng Tatta! (Jäitzt an de Sall) Dem Charly seng Tatta as do! (an zum Attilla)...an da sidd dir de Monny? |
| Attila | Nach net, mee ech schaffen nach drun! |

Si gin all eran.

| | |
|---|---|
| Attila | Get et dann hei och endlech mol eppes ze drenken (Geet bei de Comptoir, setzt d'Tequillasfläsch un, drenkt, a fällt em) |
| Charly | (zum Steve) Steve, wéi gesäiss du dann aus? |
| Steve | Zielen ech der häerno! Lo gin ech mech fir d'éischt mol aaneschters undoen! |
| Charly | Nee, op kee Fall.....du muss elo onbedengt weider dem Charly seng Tatta spillen! |

(Et schellt, de Charly geet opmaachen. Et as den Heng, deen sech d'Ouren zouhällt an erakennt. De Steve geet séier eraus op d'Toilette sech verstoppen. Den Heng geet direkt bei d'Anlaach an zitt de Stecker raus (Musek an Diskoluuchte gin aus)

| | |
|---|---|
| Heng | Sou, Barbie mir fueren lo direkt heem! |
| Barbie | Oh Pappa, muss du mech dann emmer erem virun de Leit hei blousstellen? Mat di muss een sech jo schummen! |
| Charly | Ma Här Renmanns, da bleift dach nach e besschen, a soot menger Tatta mol fir d'éischt moien! |
| Heng | (Frendlech) Bon mir wësse jo waat sech gehéiert! Da geff mer emol e Béier, w.e.g.. Wou as se dann, deng Tatta? |
| Charly | Ma déi as grad op d'Toilette sech e bessche fresch maachen! |

Den Atilla steet op

| | |
|---|---|
| Charly | Ah hei as iwwregens dem Charly säi Monni |
| Attila | Get et dann hei mol näischt ze drenken? |
| Heng | (laacht) Ah jo, vive de Fräibéier! |
| Attila | Tequilla! Ahjo, ech sin den Attila, den Hunnekinneg |
| Heng | Freet mech, ech sin den Heng. |

Den Attila hellt eng Schlupp Tequilla a fällt erem op de Buedem

Heng Waat leeft dann hei? A firwaat as dem Charly seng Tatta sou laang fort? Ech gi mol kucken!

(geet Richtung Toilette, d'Barbie an de Charly probéieren en opzehaalen. Den Heng hummert un der Dir. De Steve kennt eraus)

Steve Dir schon erem? As ee virun Iech dann net mol op der Toilette secher?

Heng eeh...ee....Baronin? Entschellegt villmools.....ech wosst jo net dass DIR dem Charly seng Tatta wiert! Entschellegt villmools

Steve Scho gudd...et as jo näischt geschitt! Sot....gidd der mer net gär mol en Tequilla sichen?

Heng Ma selbstverständlech, Madamm Baronin!

(Den Heng geet bei de Comptoir, do steet den Attila grad rem op. )

Heng Eng supper Fra, d'Madamm Baronin.....ech froe mech op ech si net froe soll op si sech mat mir bestuede wellt. Waat hälls du dervun?

Attila Guer näischt! Ech sangen lo e Lidd! Spillt hei ee Piano?

Den Attila geet bei de Steve

Attila Daat hei sangen ech elo nemme fir d'Lucia!

Steve Ganz léif vun dir!

Den Atilla geet no vir a sengt e Lidd (Lucia)

Den Heng geet bei de Steve a si fänken un ze danzen

Währenddem schellt et, den Charly mech op. Et as d'Lucia.

Charly Ja?

Lucia Charly? .........(Paus) ....wells de mech dann net eraloossen? .........Ech sin et dach, deng Tatta Lucia!

Charly (kuckt verwonnert op de Steve, dann op d'Lucia) .....eeh....kann ech mol är Carte d'Identité kucken, w.e.g.?

Lucia wonnert sech, weist se awer a kennt eran

De Steve gesäit d'Lucia

Steve Oh, entschellegt, ech muss elo ganz séier op d'Toilett

De Steve leeft richtung Toilett, den Heng geet bei de Comptoir

Virun der Toilettendir steet d'Barby.

Barbie Villmools Merci, dir hudd mir vierklech d'Liewe gerett! Mäi Papp as elo eng ganz aaner Persoun gin! Mee passt awer op, soss gidd dir him op eemol net méi lass!

Steve Aha......entschelleg mech mol (leeft weider op d'Toilette). Dem Attila säi Lidd as fäerdeg, d'Lucia geet bei en

Lucia Daat war awer schéin!

Attila Merci....Dir kommt mer bekannt vir!

Lucia Am Troquet si mir virdrun schon emol laanschtenee gelaaf!

Attila Ech sin den Attila, den Hunnekinneg

Lucia Du bass den Attila?

Attila Allerdengs!

Lucia An ech sin d'Lucia!

Attila Quatsch, daat as dach schon hei, ech sin dach mat him heihinner komm

Lucia Ma ech sin d'Lucia, mir haaten dach e Rendez-vous am Troquet!

Attila Nee, d'Lucia gesäit dach ganz aanescht aus! ....Vill méi schéin, a méi grouss!

D'Barbie geet laanscht d'Lucia

Lucia Entschellegt, mee hues du net vläicht eng Fra mat engem roude Rack gesin?

Barbie Dach, daat as dem Charly seng Tatta! Hie mech déi Party hei nemmen fir hier ze imponnéieren, fir dass hien emol eng Kéier vill Suen vun hier iewe kann. Cool, ne?

Lucia Ganz cool.

De Steve kennt erem **als Mann ugedoen** vun der Toilette (T-Shirt, Box)

Steve Lucia!

| | |
|---|---|
| Lucia | Steve! Wou kenns du dann hier? |
| Steve | Ech hun dech gesicht....ech sin dir nogaangen....an dunn hun ech dech verluer...am Troquet. |
| Lucia | A wéi bas de dunn heihinner komm? |
| Steve | Ech wunnen hei.....as daat net kee komeschen Zoufall! |
| Lucia | Allerdengs! Mee.....vläicht kanns du mir mol erklären, virwaat hei jidferee behaapt, ech wier schon hei....Iergendeen leeft hei a mengem Rack ronderem a behaapt, hatt wät d'Lucia d'Alvarez |
| Steve | Nee.....net ze gleewen! Komesch......So emol, hues du daat virdrun do eescht gemengt, wéi's de gesoot hues, du wells däi Geschäft vun enger Rannerproduktioun op eng Kanabisplantage emstellen? |

Den Heng gesäit de Steve a kennt gelaaf.

| | |
|---|---|
| Steve | Entschellegt mol ganz kuerz, ech muss mer dringend d'Zänn botzen! |

Steve leeft op d'Toilett. Lucia geet hannen op d'Bühn mat engem Statist schwätzen. Steve kennt als Meedchen erem eraus

| | |
|---|---|
| Steve | Ah, Heng, do sidd der jo. (Si gi bei de Comptoir) Soot emol, hudd dir daat och schon héieren? Do leeft esou eng Schwindlerin hei ronderem a behaapt, si wier d'Lucia de Alvarez! |
| Heng | daat get et dach net! So, waat ech Iech froe wollt: Hätt dir keng Loscht mat mir an d'Geschäft ze kommen? Ech hu jo eng grouss Fleeschveraarbeschtungsfabrik, wa mir 2 eis zesummen din, da kenne mir Millioune maachen andeems mer ganz Europa mat BSE-fräiem argentinesche Randsfleesch beliwwere kennen. |
| Steve | Mee ech haat eigentlech vir mäi Betrieb op Hanfubau emzestellen. Kennt dir Iech trotzdeem eng Zesummmenaarbescht mat mir virstellen? |
| Heng | Mat Iech kann ech mir alles virstellen! Wellt dir mech bestueden? |

D'Lucia kennt derbäi

| | |
|---|---|
| Heng | Aha, sidd dir déi Schwindlerin do, déi behaapt, si wier d'Rannerbaronin Lucia de Alvarez? |
| Lucia | Ma ech SIN d'Lucia de Alvarez! |
| Heng | Ma da lidd dach net! Dir hudd Iech verkleet, daat do as dach nemmen eng Perreck! (zitt drun) |
| Lucia | Aua! Haalt op! |
| Heng | Daat as keng Perreck? Dir sidd tatsächlech eng Fra? |
| Steve | Jo mee kuckt emol, ech hun eng Perreck un, an et wellt jo keent hei bezweifelen dass ech och eng Fra sin. |
| Heng | Nee, secher net, mee... wann hatt do d'Lucia as, wee bass du dann? |

Steve hellt d'Perreck eroof

| | |
|---|---|
| Lucia | Steve! Du? Firwaat gës du dech dann als mech aus? Waat soll daat? |
| Steve | Ma....Iergendeen muss sech jo baal em deng Geschäfter kemmeren, wann's du schon näischt mechs, da maachen ech et alt! Vun elo u mechs du mam Här Renmanns zesumme Geschäfter! ... A fir e Bestiednis vun Dir mat him hun ech och nach net zougesoot! .....mee.....Wells du net meng Fra gin? |
| Lucia | Oh dach, du wars mer scho bei eiser éischter Begéignung sympatesch! |

De Steve an d'Lucia faalen sech an d'Ärm

Rido geet zou --------------------------------------------------------

Op der Niewebühn:
Den Heng setzt op sengem Büro, di 2 vun der Bank kommen eran.

| | |
|---|---|
| Moschtert | An? Wéi gesäit et aus? Hudd dir meng Suen? |

| | |
|---|---|
| Heng | Ma secher! Ech hoffen dir hudd näischt géint boer Suen. (leet eng Valiss mat Suen op den Desch) |
| Thüringer | (erschreckt) A….wou kommen déi dann hier? |
| Heng | Schon eng Kéier eppes vum Charly senger Tatta héieren? |

Spot aus--------------------

Evl. Nogeschicht vun deenen eenzelne Leit….